ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 8. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Rezent gouf et vill Opreegung an Diskussiounen ëm d'Zoumaache vun der Ettelbrécker Maternité. Een Diskussiounspunkt an där Debatt waren d'Garden an d'Bereetschaftsdéngschter vun den Dokteren, déi d'Fonctionéiere vun der Maternité mat solle garantéieren. Hei schéngt et Problemer ze ginn, notamment, wat d'Attraktivitéit an d'Méiglechkeete vun den Dokteren ugeet, fir dës Gardë flächendeckend ze garantéieren.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Bestinn am Moment, nieft der Situatioun am Ettelbrécker Spidol, Problemer, fir d'Garden an de Maternitéë 24 op 24 Stonnen, a siwen Deeg op siwen, flächendeckend am Land ze garantéieren? Wéi enger Natur sinn dës Problemer?
2. Envisagéiert d'Madamm Minister, fir am Accord mat den Dokteren, eng finanziell Analys ze maachen, wat et géif kaschten, fir d'Garden an de Maternitéë 24 op 24 Stonnen, a siwen Deeg op siwen, flächendeckend am Land ze garantéieren?
3. Wat fir Léisunge proposéiert d'Madamm Minister fir dës Problemer ze léisen an a wéi engem zäitleche Kader ka mat der Ëmsetzung vun dëse Léisunge gerechent ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten